Kee Blat vrun de Mond !

‚Carte blanche' fir de Pilo Fonck

Ass d'FLF en "Nicki's-Veräin ?

An de leschte Méint ass praktesch keng Woch vergaangen, ouni datt net eppes op eise Footballterrainen oder ronderëm „lass" gewiescht wier. Ganz ofgesinn dervun, datt d'Spillfelder vum Stade Emile Mayrisch um Gaalgebierg resp. vum Stade Achille Hammerel um Verluerekascht éischter Sandkaulen a jiddefalls net an engem Zoustand sinn, datt sech déi soss dach esou sportsbegeeschtert Gemengenautoritéiten aus deenen zwou gréisste Stied am Land dermat bretze kënnten. Als Entschëllegung dofir gëlt jiddefalls net, datt eise Football selwer, a senger ganzer Duerstellung no baussen, net vill mécht, fir eng besser Behandlung ze verdéngen...
Well ofgesi vum sensationnellen 2-1 Erfolleg vun eiser Nationaléquipe géint d'Slowakei – ëmmerhin No 20 an der internationaler Hierarchie – huet eis kleng Footballwelt mat enger Regelméissegkeet, op déi ee gäre verzicht hätt, praktesch nëmmen negativ Schlagzeilen an der rezenter Vergaangenheet geliwwert.
Dat mannsten Iwwel dobäi dierft nach d'Traineritis-Epidémie sinn, déi an der BGL-Ligue dës Saison ausgebrach ass. Déi schlecht Gewunnecht, vun deeër sech (bis elo) d'Jeunesse (gläich zweemol), d'Fola, Hamm, Hesper a Woltz ustieche gelooss hunn, ass iwwregens keng Reklam fir eise Championnat (an och net fir de Sponsor). Obschonn déi meescht vun eise Veräiner struewele mussen, fir déi zwee Enner beieneen ze bréngen, ass déi absolut iwwerflësseg Praxis, bei all schlechter Geleeënheet, den Trainer op d'Schëff ze schécken, mol net esou vill e finanzielle Luxus, dee kee sech leeschte kann, mee vrun allem ass et meeschtens och sportlechen Onsënn. Mir sollten der Bundesliga net all Dommheeten nomaachen.

D'Arbitteren ? Weder ‚Fräiwëld' nach ‚hälleg Kéi' !

Vill méi eescht sinn do schonn déi gelleg Aggressiounen, deeër verbaler a, besonnesch, physischer, deenen d'Schiidsriichter déi lescht Zäit ausgesat waren. Mëtt Mäerz hat sech d'Verbandsgeriicht gläich mat fënnef graven Zwëschefàll erëm ze klappen. An der Zwëschenzäit gouf jo och ee Spiller, ee Kläpper sollt et richteg heeschen, zu Recht liewenslaang gespaart. Am meeschte Wellen an de Medien huet awer d'Spillënnerbriechung no 75

Minutten vum Match Diddeleng-Käerjéng geschloen, natierlech well et e Match aus der Nationaldivisioun war, well den zoukënftegen Diddelénger Champion deen Ament 1-2 hanne war, a well Käerjeng méiglecherweis wichteg Ponkte hätt kënnte verléieren, wann de Match éiere frësch gespillt gi wier. Viirgeschter huet déi éischt Geriichtsinstanz vun der FLF nun hir Decisioun geholl: Well e ‚Rotzert' – den Ausdrock ‚Späizmännchen' ass an eisen Aen ze harmlos – op den Arbitterassistent gespaut huet, verléiert den F91 dat Spill 0-3 forfait. Mir verbidden eis iwwer déi méiglech Suitë vun deem Uertel ze spekuléieren, hoffen just nëmmen, datt et keng Abusen no sech zitt.
Prinzipiell wier awer eppes am Zesummenhank mat deem Fall ze soen. Genee aacht Deeg virum Spill Diddeleng-Käerjéng hu mer beim Match Jeunesse-Déifferdeng erlieft, datt iwwer den offizielle Mikro sougenannt Escher Supporter opgeruff goufen, net méi mat Béier (!) op d'Schiidsriichter-Assistentin ze sprëtzen ! Dee Match gouf dofir awer net ofgebrach, just ënnerbrach.
Eng feig Rotz an de Réck vum Linieriichter ass als Geste wuel méi lamentabel wéi wann en Topert mat Béier ronderëm sech sprëtzt: ob dofir awer d'Spill onbedéngt huet missen gläich ofgebrach ginn ? D'Meenungen ginn, wéi ëmmer, ausernaner. D'Arbitteren si mat der Zäit geléiert ginn, villes anzestiechen. Eenzelner halen sech awer strikt un d'Regelen, déi zënter dem Ufank vum Joer virschreiwen, guer näischt méi duerchgoen ze loossen. Anerer weisen sech net esou kriddeleg, wouduerch um Enn vläicht manner Problemer entstinn.
Et bleift, datt op eise Footballterrainen, net eréischt haut a geschter, Manéieren agerass sinn, déi dem weltwäit populärste Sport vill schueden. An et hëlleft absolut näischt, wann no all Spilldag Traineren vun Interviewen an der Press profitéieren, fir iwwer d'Arbitteren hier ze falen, amplaz sech mat enger Analyse vum gudden oder schlechte Spill vun hirer Equipe zefridden ze ginn. Wa Leit, déi un éischter Plaz och Erzéier sollte sinn, sou schlecht Beispiller ginn, da muss ee sech net wonneren, wa Spiller a Publikum hir Onzefriddenheet un den Arbitteren ausloossen. Auslännesch Federatiounen huelen systematesch Sanktiounen géint Trainer, déi vis-à-vis vun de Schiidsriichter aus der Roll falen. D'FLF léisst et awer bei „waarmen Appeller"... Warem Loft?

„Wir sind doch kein ‚Nickisveräin' (...),
es geht um den Luxemburger Fussball" (*)

Ouni all Zweiwel de meeschte Stëbs opgejot, net nëmmen an de Medien, mee an alle Footballkreesser, huet d'Kënnegung, ufangs des Mounts vum Jeff Saibene als Sportsdirekter vun der FLF, als Patron vun der Footballschoul. Eleng den neien Trainer vu St.Gallen weess d'Grënn, firwat en déi nobel Aufgab, de Lëtzebuerger Footballnowuess ze forméieren, schonn no siwe Méint opginn huet, wou virdrun de Guy Hellers zéng Joer laang seng Passioun an deeër Fonctioun ausgelieft huet.
De Virworf, op d'mannst ee ‚faux pas' gemaach ze hunn, kann de Jeff Saibene allerdéngs mat Sécherheet net ofstreiden: vis-à-vis vum FLF-President, deen hien op dee vill begierte Stull gesat hat, huet hien sech e ‚crime de lèse-majesté' geleescht, deen e wuel kaum jeemools verzië kritt. Well de Paul Philipp huet a senger ganzer Carrière nach ni gutt verdroen, datt een him „neen" gesot huet. Hien ass gewinnt, datt jiddereen a sengem Ëmfeld sech kuscht. Sou ass och seng vehement, awer theatralesch Reaktioun no der Demissioun vum Jeff Saibene ze verstoen. Wee wëllt och scho President vun engem „Nickisveräin" sinn, vun engem Jhickeclub, wéi et fréier och alt op Aallëtzebuergesch geheescht huet? Jiddefalls huet de President Philipp bei deeër Geleeënheet eng grouss Nummer opgezunn: „ Es geht in dieser Angelegenheit um die Glaubwürdigkeit des Fussballs. Wer einen Vertrag unterschreibt, hat Rechte, aber auch Pflichten. Saibene hat eine Vorbildfunktion gegenüber den Jugendspielern. Es kann (...) nicht sein,dass Trainer Respekt und Fairplay von ihren Spielern einfordern, um dann beim ersten Angebot abzuspringen", sou den FLF-Boss am Wort vum 5.Mäerz...
A propos „Vertrag net anhalen". War do net schonn esou eppes? Aah jo ! Hellers a Bonvini sinn och mat Zäiten aus hirem Kontrakt eraus gesprongen. Dunn huet d'FLF keng déck Bake gemaach. Et war ee frou, datt een deenen onkamoute Kärele lass war. Mee de Geck an den Eck. D'Federatioun hat esouguer net ausgeschloss, d'Affär Saibene virun en zivilt Geriicht ze bréngen oder der FIFA de Fall z'ënnerbreeden. Mee dat alles huet sech nodréiglech als Theater erausgestallt, well nëmmen 48 Stonnen nom President senge schéine Wierder waren déi héich Prinzipien vun Ethik a Moral am Football vergiess: du war den Zweck erreecht; dunn hat St.Gallen berappt...
An deeër ganzer Geschicht ass eng kleng Anekdot vläicht symptomatesch fir déi eigentlech Verbandsusiichten: e Supporter vu St.Gallen hat der FLF an engem Mail un d'Häerz geluecht, de Jeff dach zu Lëtzebuerg ze halen („haltet den Jeff doch in Luxemburg"). Doropshin ass aus der FLF-Verwaltung en (erstaunlech couragéierte) Courrier zréck un de Supporter vum schwäizer Veräin gaangen: „tut uns Leid; jetzt habt ihr ihn"!!!

Ee Wuert nach zum finanziellen Arrangement zwëschen St.Gallen an der FLF: Wéi et dacks an esou Fäll zum gudden Toun gehéiert, waren sech déi zwou Säiten eens, näischt iwwer d'Zomm vum Geschäft ze verroden. Ob et 25.000, 50.000 oder 100.000 Euro waren, soll kee gewuer ginn. Freet sech just, ënner watfir enger Form déi Suen am nächsten FLF-Bilan figuréieren. Vläicht freet och e Veräinsvertrieder no Prezisiounen. Wann deem dann alt net dat selwecht passéiert wéi dem Diddelénger Dëlëgéierten Romain Schumacher, dee beim leschte Kongress eng Rëtsch pertinent Froen gestallt hat, an haut nach op Äentwerte waart. De President Philipp hat seng méi wéi korrekt Interventioun souverän ignoréiert, sou wéi en et och ni derwäert fonnt huet, op den oppene Bréif z'äntwerten, an deem de Guy Hellers Kloertext geschwat hat, firwat en, degoûtéiert, senger Wee gaangen ass...

Watfir eng Zukunft fir d'Footballschoul ?

Nëmmen eng Kéier an dësem neie Joer 2011 sinn d'Flamen zu Monnerech héich geschloen. Dat war am Januar, wéi de Luc Holtz de Mond zimlech voll geholl an ugekënnegt hat, d'Nationalspiller missten sech zwëschen dem F91 Diddeleng an der Nationaléquipe entscheeden („les joueurs luxembourgeois doivent choisir: c'est soit le F91, soit la sélection – Le Quotidien vum 17.Januar), nodeems Diddeleng seng Spiller kuerzfristeg duerch Mail um Nationaltraining ofgemellt hat, wat an der Form sécher net glécklech, am Fong awer verständlech war, well den F91 den Dag drop an e Stage fortgeflunn ass.
Soit!
Eng Nationaléquipe ouni Joubert, Payal, Da Mota, wéi et dem Nationaltrainer een Ament duerch de Kapp gaangen ass, wier natierlech e schéine Selbstgoal gewiescht. Dat hat och de President gläich spatz, an dofir wuel och huet hien sech bequeemt, op ‚Canossa' ze goen a sech mat den Diddelénger Dirigenten auszeschwätzen, fir de Mëssel bäizeleeën.

Datt am Centre de Formation villes zënter Méint net méi riicht leeft – d'Spatzen päifen dat zu Monnerech vun den Diech – schéngt awer d'FLF-Autoritéiten zimlech kal ze loossen. Et ass schonn allerhand impressionnant, wann een d'Bilanz mécht vun den demissionnären an demissionnéierten Traineren an der Footballschoul: scho vru Saibene, ass kee méi vun der ganzer Equipe Hellers (mat Kirsch, Rippinger, Bonvini an Theis) iwwreg bliwwen; Schaack an Zölle sinn och aus dem Boot geklommen, an um Enn elo huet och de Sagramola d'Handduch geworf. Wat eis awer nach vill méi schockéiert ass d'Tatsaach, datt véier Spiller aus dem U-17 Kader sech zréck gezunn hunn, well den Horaire vum Training changéiert huet. An der

Footballschoul, déi de President Philipp virun e puer Joer houfreg als ‚fonds de commerce' vun der FLF bezeechent hat, gëtt ewell net méi no den Intresse vun de Spiller, mee no der Disponibilitéit vun den Assistenztrainere gekuckt !!! Dat ass et zéng Joer laang virdrun net ginn.
Datt d'Footballschoul ënnert der aktueller FLF-Presidentschaft vu siwen Deeg an der Woch op véier erof reduzéiert ginn ass, dovunner schwätzt ewell kee méi, grad wéi et och nëmmen déi wéinegst nach opreegt, datt d'Nohëllefcourse fir d'Schoulaufgaben vill u Regelméissegkeet ze wënschen iwwreg loossen.
Wonnert ee sech ënnert deenen Ëmstänn, datt an der vill strapazéierter Jugendkommissioun eng zéng Memberen, dorënner ganz aktiver, nom leschte Kongress hir Mataarbecht gekënnegt hunn, an datt an der technescher Kommissioun zwéi Mann, déi zënter Joren a Joren am Déngscht vun der Nationaléquipe resp. den Espoire stongen, sech eraus gëeekelt gefillt hunn.
Mee wéi sot eis en FLF-Insider: „et ass awer net alles pechschwaarz am Verband.
Recht huet de Mann. Als éiwegen Supporter vun der Nationaléquipe si mer enchantéiert, datt de Luc Holtz et fàerdeg bruecht huet, an den éischten dräi Méint vun 2011 säi Kader net manner wéi 35 Deeg fir Traininger, Stagen, Test- a Länndermatcher zesumme gehat ze hunn.
Säi Virgänger konnt vun esou Konditiounen nëmmen dreemen.
Wee weess, vläicht kréie mer nees eng Kéier e Modell Lëtzebuerg, deen dem Nationaltrainer Pol Philipp a senger Selektioun an den Eliminatoiren vun der Europameeschterschaft 1996 erlaabt hat, memorabel zéng Ponkten zesummen ze spillen....

(*) Ausso vum FLF-President Paul Philipp de 5.Mäerz am Tageblatt